

## WISOU D'PIRATE WIELEN?

D'Piratepartei setzt sech zënter hirer Grënnung fir de Schutz vun der Privatsphär, en transparent Staatswiesen souwéi méi Biergerbedeelegung an.

Niewt dësen Kärthemen wëlle mir awer och eng fräi Gesellschaft, an där jiddwereen déi selwecht Chancen huet a wou och jiddwereen, onofhängeg vu senger Hirkonft an soziale Status, kann deelhuefen. Mir sinn fir e vereentend Europa ouni Grenzen, wou all Bierger mënschewierdeg liewe kann.

D'Clärrwer Piraten wëllen den 8. Oktober 2017 mat an d'Course fir d'Gemengewale goen. Mat neien an Innovativen Iddien wëlle mir eis Gemeng fit fir d'21. Joerhonnert maachen. Eis Uertschaften dierfen net weider u Liewensqualität verléieren, am Géigendeel: d'Awunner solle méi Matbestëmmungsrechter kréien an aktiv matgestalten kënnen.



## ELO D' BRÉIFWAL UFROEN!

Den 8. Oktober 2017 si Gemengewalen! A well zu Lëtzebuerg d'Walpflicht gëllt, muss jiddwer walberechtegte Bierger deen Dag a sengem Walbüro säi Stëmmziedel ausfüllen an ageheien.

Leit, déi méi ewéi 75 Joer al sinn oder aus berufflechen resp. private Grënn deen Dag verhënnert sinn, kënnen sech d'Bréifwal ufroen. Dat kanns de schrëftlech bis den **8. September 2017** bei der Gemeng maachen.

E Formulär vun der Gemeng fënns de hei:  
<http://1337.lu/GWBreifwal>



[klierf.piraten.lu](http://klierf.piraten.lu)



[klierf@piratepartei.lu](mailto:klierf@piratepartei.lu)



[facebook.com/KlierferPiraten/](https://www.facebook.com/KlierferPiraten/)



[@Piratepartei](https://twitter.com/Piratepartei)

Jiddwer Interesséieren ass häerzlech invitéiert un eisen Treffen deelzehuelen.  
**Bei eis ass jiddweree wëllkomm!**  
Weider Informatiounen zu eisen Treffen fënns de op eiser Websäit!

KUERZ &  
KNACKEG!



## D'MOBILITÉIT VERBESSEREN!

FIR CLIÄRREF!



# EIS VISION UN FIR CLIÄRREF

## D'MOBILITÉIT VERBESSEREN!



Als eng vun de flächeméisseg gréisste Gemengen ass den öffentliche Transport zu Cliärref e wichteg Thema.

Dat ämsou méi wou Cliärref als sougenannte zukünftege *Futurehub* och nach e Lycée kritt, deen Dag fir Dag honnerte Schüler aus der ganzer Region unzitt.

D'*Cliärrwer Piraten* sinn der Meenung, dass an deene leschte Joeren et verpasst gouf, der Gemeengefusioun an der domadder zesummenhängenden Ufuederung vun den Awunner (ë.a. beim öffentlichen Transport) Rechnung ze droen.

Nëmmen duerch eng besser Vernetzung vun den 17 Uertschaften an 8 Lieu-diten kann eis Fusiounsgemeng esou zesummewuessen, wéi et geduecht war.



Mir setzen eis dofir d'Schaafung vun engem *City Bus* an, deen d'Uertschaften z.B. als Réng-Linn mat Cliärref verbënnt. Dëst erméiglecht et, dass jiddweree seng Kommissiounen an de gréisseren Uertschaften maache kann an dass d'Behördegäng op der Gemeng,

bei der *Gesondheetskees* oder der *Post* nach méi einfach ginn. Och fir d'Touristen, déi déi ënnerschiedlech Ecker aus eiser Gemeng erfuersechen wëllen, giff en onkomplizéierte *City Bus* entgéint kommen. Doriwwer eraus sollen d'*Vélospisten* ausgebaut an d'Uertschaften méi Vélofuererfrëndlech ginn.

Mir begréissen et ausserdeem, dass den Nohaltegkeets- an Transportministère déi laangjäähreg Piratenufuederung vun den Nuetszich ëmgesat huet. Nodeems verschidde Südgemengen scho reagéiert hunn an d'Horieren vum TICE-Busréseaux diesen Nuetszich ugepasst hunn, wëlle mir, dass d'*Cliärrwer* Gemeng och un engem Modell schafft, fir dass all d'Awunner aus der Gemeng vun dieser Offer profitéieren kënnen: de vun eis proposéierte *City Bus* sollt dann och opmannst eemol an der Nuecht um Weekend fueren.

## MÉI PARKPLAZEN!



Genee esou wéi e konsequent Zesummewuesse vun eiser Fusiounsgemeng ass d'Verkéierssituatioun an den Uertschaften selwer vernoléisseg ginn.

Virun allem a Cliärref selwer wäert et an deene nächste Méint zu engem radikale Mangel u Parkplakze kommen. Dëst zum Engen duerch Ëmbauaarbechten um Parking vun der *Benelux-Plaz* souwéi um Terrain vun der Gare, an zum aneren duerch d'Opgoë vum *Lycée Edward Steichen*.

D'Gemengeresponsabel hunn hei net virrausschauend gehandelt!

Fir e Parkplazen-Noutstand ze verhënneren an awer och e gudden Deel vum Verkéier aus der Uertschaft ze kréien, fuerderen d'*Cliärrwer Piraten* kuerzfrësteg d'Schaafung vun engem *Park & Ride* bei der *Hall Polyvalent*, deen dann vun engem *City Bus* reegelméisseg ugefuehrt ka ginn.

Mëttelfrësteg muss d'Gemeng sech och fir e *Parkhaus* am Uertsagank vu Cliärref beméihen, fir d'Uertschaft selwer attraktiv ze halen.

## SHARED SPACE



Nodeems d'*Transversale de Schwéiertransport* aus Cliärref wäert eraushalen, wëlle mir d'Bannestad vu Cliärref nach e gutt Stéck méi sécher maachen:

Duerch d'Schaafung vun engem sougenannte *Shared Space*, an deem Autofuerer an Foussgänger sech d'Strooss gläichberechtegt deelen. D'Grand-Rue soll ab der *Benelux* bis an op mannst bei d'Altersheem zu esou enger verkéiersberouegter Zone ëmgewandelt ginn.

Den öffentliche Raum kann esou optimal genotzt ginn: keng schmuel Trottoiren méi! Esou bidd sech och d'Chance fir eng drëndend noutwenneg optesch Opwertung vun dieser laang vernoléissegter Strooss!